

KANNER RADIO NUECHT
op SPUERESICH
am PYJAMA
29. November 2024
vun 19 Auer
bis Mëtternuecht
?!
Illustratiounen: Stina Fisch
radio 100,7
kannerradionuecht.lu

# Fir Matzesangen

## John Wolter - Gangster a Ganouven

Wann d'Nuechte laang a kal sinn,
dann ass et un der Zäit,
Gangstere fille sech am wuelsten,
wann ee se net gesäit

D'Sireenen an d'blo Luuchten,
si sichen iwwerall,
no Brigange mat Masken
no dem groussen Iwwerfall

Hänn an d'Luucht, 't ass een Iwwerfall
Hunn d'Raiber haart gejaut,
hir Stëmm war onverkennbar,
bësse krazeg an och rau

Mee d'Gangstere si hate Pech,
een Employé aus der Bank,
huet ee vun hinnen un der Stëmm
an u sengen Aen erkannt

Milliounen hu se matgeholl,
mat Waffen a Gewalt,
eng schwaarz geklaute Camionnette
an d'Geld läit an der Malle

Zum Gléck gëtt et de Commissaire,
deen och bei Wand a Reen,
ëmmer schafft an ëmmer wëll
dem Béisen d'Handwierk leeën





D'Verfollgungjuegd huet sech gezunn,
duerch Dierfer an duerch d'Stad,
mee d'Camionnette hat dunn ee Crash,
well d'Stroosse waren naass

Eis Gangstere si sinn net wäit komm,
well d'Police stoung bereet,
fir deenen dräi Ganouven
d'Handschellen unzeleeën

Lo sëtze se zu Schraasseg,
all am Prisong niefteneen,
a si hu ganz vill Zäit
sech den nächste Coup ze iwwerleeën

Refrain:
Gangster, Gangster, Gangster a Ganouven,
si wäerten, wäerten, wäerte kee
verschounen, (Pistoulen?)
Jo d'Gangsteren hunn zwar Äis an hire
Venen, mee si fäerten, fäerten, fäerten déi
Sireenen

Gangster, Gangster, Gangster a Ganouven,
Si klauen a si schéisse mat Pistoulen
Jo, Gangsteren hunn zwar Äis an hire Veenen,
mee si fänken u mat blären,
wa mir si an de Prisong spären




# Virwuert



Léif Detektivinnen an Detektiven,

Endlech ass et nees souwäit! Mir hunn eng Nuecht voll spannender Geschichten, gudder Musek, interessante Reportagen a villen eemolege Radiomomenter virun eis.

Sidd dir och faszinéiert vu Krimien, Detektivgeschichten a vun deem, wat an de Schieter geschitt? Dann hu mir genee dat richtegt fir iech. Dëst Joer dréit sech an der Kannerradionuecht alles ëm Kriminologie a Spueresich, ëm d'Léise vu komplizéierte Fäll an ëm d'Fänke vu Verbriecher.

An dëser Broschür fannt dir all déi néideg Informatioune fir iech op dësen eemolegen Owend virzebereeden. De richtegen Dress, eng adaptéiert Tarnung an eppes fir ze iessen an ze drénken si ganz wichteg bei eiser Spueresich. D'Séchere vu Fangerofdréck an eng Geheimschrëft däerfen och net feelen.

Op der Säit 7 ass en Emoji-Rätsel. Wann dir an der Kannerradionuecht gutt oppasst, déi véier Indizien entziffert an eis de gesichte Message als Sproochnoriicht erascheckt, kënnt dir e flotte Präis gewannen.

D'Tessy, de Jean Claude an déi ganz Ekipp vun der Kannerradionuecht si prett fir mat iech zesumme gewuer ze ginn, wéi richteg Kriminologe schaffen. D'100,7-Kannerreporter zéie mam Mikro lass fir erauszefannen, wéi d'Police Spueren a Beweiser séchert a Verbriechen opdeckt.

Mir hunn e speziellen, musikalesche Gaascht invitéiert, dee vill vun iech kennen. Eist Gefill seet eis awer elo schonn, datt net alles wäert riicht lafen. Och am Radiosgebai geschéien Nuets geheimnisvoll Saachen.

Fir d'éischte Kéier hutt dir d'Méiglechkeet fir déi nei Lauschtergeschicht vun der Anja Di Bartolomeo ze héieren. "De Jos an d'Léisegeld fir de Roby Robocat" ass eng lëschteg Kriminalgeschicht ronderëm eng Roboterkaz, déi entféiert gëtt. A fir déi méi jonk ënner iech ass d'Pechschwéngchen nees um Dill mat enger léiwer Raibergeschicht iwwer Fréndschaft, Honger an d'Virbereedung op e laange Wanter.

An den offizielle Kannerradionuecht-Song kënnt dëst Joer vum Lëtzebuerger Sänger a Museker John Wolter. Hien ass och bekannt als Rapper Ragga a mat senger Band Don Piano. Mir si frou, datt dir dëst Joer nees dobäi sidd a wënschen iech en inspiréierenden a flotten Owend mam radio 100,7.

Tessy Steffen Koenig & Jean Claude Majerus

**Cette brochure est disponible en français**



# Dresscode



Detektivinnen an Detektive si Verkleedungskënschtler:innen! Si sinn ëmmer an der Lag an eng aner Roll anzedauchen. Mat ale Kleeder aus der Famill oder puer Accessoiren huet ee séier seng Roll gewiesselt. En Hutt, e laange Mantel, e Rack oder e Sonnebrëll maache scho vill aus. Wat fënns du doheem u Saachen, fir dech ze verkleeden?

**Detektivkoffer: Wat gehéiert alles dran?**

- eng Lupp
- eng Täscheluucht
- eng Pince
- e Meter
- Fangerofdrockpudder
- Pechpabeier
- e Bic a Pabeier
- däin Detektivpass
- a wat nach?


**Tarnung ass alles**
Als Kommissar:in oder Ermëttler:in kënnt dir iech mat engem Notizblock, engem Funkgerät an Handschellen ausrüsten.

Agenten an Detektivinnen doe sech onopfälleg un a wielen dacks Faarwe wéi gro, brong oder schwaarz.


Si musse sech heiansdo awer och ganz séier anescht undoe kënnen, fir net direkt erëmerkannt ze ginn. Wendejackette si fir dëst ganz praktesch: eng Säit onopfälleg an eefaarweg, déi aner Säit faarweg gemustert.

Eng Krawatt, eng Méck, en Hutt oder e Sonnebrëll kënnen d'Tarnung nach verstäerken.

Schminkt iech "al", andeems dir mat engem Aperhoerstëft Falen an d'Gesiicht moolt. Esou erkennt iech sécher keen!









# Tarnung



## FALSCH NUES

Wann d'Ermëttlunge wierklech riskant ginn, muss een heiansdo nach méi déif an d'Verkleedungskëscht gräifen an zum Beispill eng falsch Nues opsetzen. Du brauchs dofir:

- 50 g Miel
- 25 g Vaselin
- flëssege Make-up
- eng Schossel
- eng Kichewo


**An esou geet et:**

1. Kniet d'Miel an d'Vaselin gutt an enger Schossel zesummen.
2. Mësch Make-up drënner, bis den Hauttoun passt.
3. Crème deng richteg Nues mat Vaselin an.
4. Form aus der Mass eng nei Nues a setzt se op.
5. Verreif d'Ränner gutt a looss d'Nueslächer op.

**Tipp zum Schluss:**
Déi bescht Verkleedung bréngt näischt, wann dir iech beim Ermëttele mat äre richtegen Nimm uschwätzt. Dowéinst mussen dréngend Tarnnimm hier!











# Lauschtergeschichten



## D'PECHSCHWÉNGCHEN HANNES AN DÉI VERSCHWONNEN NËSS

vum Tessy Steffen Koenig

Am Bësch huet d'Kaweechelche Samy sech op de Wanter virbereet an all seng Nëss gesammelt. Mee wéi et den nächste Moien erwächt, sinn d'Reserve verschwonnen! Mat Hëllef vu senge Frënn, dem Pechschwéngchen Hannes, dem Glécksvull Marie an dem Himmelsdéierchen Elin mécht de Samy sech op d'Sich no deem Schëllegen, deen d'Nëss geklaut huet. D'Déiere sichen no verdächtege Spueren, mee hu si wierklech dee richtegen Déif fonnt?


## DE JOS AN D'LÉISEGELD FIR DE ROBY ROBOCAT

vun der Anja Di Bartolomeo

De Jos, d'Nora, d'Nonna Rosa an de Bopa Mario sinn a grousser Opreegung: de Roby Robocat, en zimmlech onberechenbare Roboter, ass einfach verschwonnen!

An domadder net genuch, well elo fuerdert en anonymmen Uruffer tatsächlech an Zäit vu just e puer Stonne 5.000 Euro Léisegeld. Wat ass, wann den Entféierer hien ëmstellt? Op all déi Knäppercher dréckt, op déi een net drécke soll?! Dat däerf op kee Fall passéieren, also stellt d'Nonna eenzock en Detektivteam zesummen. D'Missioun Roby Robocat ass lancéiert! Deen éischte Verdächtegen ass nawell séier fonnt ... mee ass et och wierklech dee Richtegen?

Eng spannend Krimi-Lauschtergeschicht mat vill Humor.



# Experiment



## EMOJI-SOUND-RÄTSEL

Esou kanns du matspillen: Véiermol am Laf vun der Kannerradionuecht spille mir e Sound Code. Déi eenzel Téin korrespondéieren allkéiers engem Emoji, deen engem Buschtaf zougewisen ass. Lauschter gutt no, schreif d'Buschtawen op a fann déi véier Wierder.

Wann s du d'Rätsel entschlësselt hues, schéck eis eng Sproochnoriicht op d'WhatsApp Nummer 621440044.

Tipp: Lauschter besonnesch gutt um 20:15, 20:50, 21:15 an 21:50!

D'Emoji-Alphabet kanns du och spéider nach benotzen, fir verschlësselt Noriichten ze verschécken ;-)




| 20:15 | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|

| 20:50 | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|

| 21:15 | | | | |
|---|---|---|---|---|

| 21:50 | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|

## FANGEROFDRÉCK

Fir Fangerofdréck selwer ze maachen, brauchs du e puer einfach Materialien, déi s du doheem fënns:

- Bläistëft
- Pabeier
- transparenten Tape
- Lupp (optional)

**An esou geet et:**

1. Mol mam Bläistëft eng kleng, déck Fläch um Pabeier. Géi dacks driwwer, fir datt eng donkel Schicht Graphit entsteet.
2. Dréck d'Fangerkëppchen, déi s du ofdrécke wëlls, fest op d'Graphitfläch, esou datt de Fanger mat Graphit beschicht gëtt.
3. Huel de Fanger an dréck en op e klengt Stéck Pabeier, esou datt de Fangerofdrock ze gesinn ass. Dëst ass den "Negativ-Ofdrock".
4. Schneid e klengen Tapesträifen of, lee e virsiichteg op den Ofdrock um Pabeier an dréck e fest, fir d'Detailer opzehuelen.
5. Zéi en da virsiichteg erof - elo hues du de Fangerofdrock um Tape.

**Tipp:**
Fir d'Ofdréck propper ze halen an Detailer kloer ze gesinn, kanns du d'Tapesträifen op e wäisst Blat pechen. Dëst mécht et méi einfach, all kleng Linnen an Eegenheete vum Ofdrock ze studéieren.





## LOOSS "ZAUBERTËNT" VERSCHWANNEN AN ERËM OPTAUCHEN!

Schreif eng geheim Noriicht mat engem Frixion-Stëft op a maach en duerno mat Hëtzt onsiichtbar, a mat Keelt erëm siichtbar.

Fir dëst Experiment brauchs de e Frixion Bic ©, deen ee bal iwwerall an de Butteker ze kafe kritt. An dësem Bic ass eng sougenannten thermochrom Tënt dran, déi op Hëtzt reagéiert. Wann ee mat der Gummirécksäit vum Bic iwwer eppes Geschriwwenes reift, gëtt dëst net ausgewëscht, mee et entsteet Hëtzt, déi d'Faarf duerchsichteg mécht. D'Tënt bleift awer um Pabeier.

Mat engem Fön kann een d'Faarf och verschwanne loossen. Duerch d'Hëtzt vum Fön entsteet eng chemesch Reaktioun an der Tënt, déi een awer och ëmkéiere kann duerch Keelt. Bei Minustemperature kann een d'Tënt erëm siichtbar maachen. Am Freezer (bei -20°C) oder andeems een eng Äis-Salz-Keeltmëschung (ënner 0°C) op d'Blat leet, gëtt d'Reaktioun ëmgedréit, an et kann een erëm alles gesinn. En optimale Bic also fir geheim Bréiwer ze schreiwen.

Also sich d'Material an da lass! (Virdrun en Erwuessene froen, ob s de dat alles dierfs benotzen).

1. Schreif eng geheim Noriicht mat engem Frixion-Bic op e Blat.
2. Radéier de Message mat der Gummirécksäit vum Bic aus oder fön d'Blat.
3. Gëff den Ziedel mat där elo onsiichtbarer Noriicht weider
4. Deen den Ziedel kritt, leet e fir eng Zäitchen an de Freezer (-20°C) oder preparéiert eng Mëschung aus Äiswierfelen an e bësse Salz an enger Plastikstut a leet déi op d'Blat
5. D'Noriicht gëtt erëm siichtbar.

Heiansdo klappt et net bei der éischte Kéier, dat ass normal. Vill Spaass beim Nomaachen!



## PHANTOMBILLER-SCHMIEREN

Dir hutt den Täter gesinn? Probéiert, mat Geméis Phantombiller op Brout ze bastelen. Dat mécht net nëmme mega vill Spaass, mee ass och ganz gutt a voller Vitaminnen.

**Dat braucht dir dofir:**

- Schmieren, am beschten Toastbrout
- Wäisse Kéis
- Muerten
- Réidercher
- Paprika
- Kornischongen
- Zalot an alles soss, wat gesond ass

**An esou geet et:**


1. Fir d'éischt d'Geméis wäschen an a kleng Stécker a Sträife schneiden.
2. Duerno hëlt sech jiddwereen eng Toastscheif a leet se op säin Teller.
3. Elo kann et lassgoen! Bastelt är Geméis-Gesiichter ganz no ärer Fantasie. Ärer Kreativitéit ass dofir keng Grenze gesat!

## WAARM SPUER

Ermëttele mécht duuschtereg! Géint en dréchenen Hals a fir besser ze kombinéiere gëtt et e Rezept:

- 1/2 Liter Drauwejus
- 1/2 Liter Orangëjus
- 1 Staang Kanéil
- 3 Neelcheskäpp
- 1 ongesprëtzten Zitroun a Scheiwe geschnidden

Alles zesummen an engem Dëppe bis bei d'Kachen erhëtzen - et kann och mat anere Juse kombinéiert ginn, jee no Loscht, Laun a Goût. Besonnesch, wann et dobausse kal ass, kann een et sech doheem richteg gemittlech maache mat engem spannende Buch an enger waarmer Taass "Waarm Spuer"!





## PISTOULEKUGELEN

Laang Beobachtunge vu Verdächtege maache midd a hongereg. Als Pistoulekugele getarnten Energiebomme maache schlapp Muskele waakreg a bréngen lues Gehierer un d'Rullen!

**Zutate fir ongeféier 15 Kugelen:**

**Bananne-Kugelen**

- 1 zeideg Banann
- 100 Gramm Huewerflacken
- 50 Gramm gemuelen Hieselnëss
- 30 Gramm gemuele Mandelen
- 30 Gramm Kokosnossraspelen
- 1 Iessläffel Mëllech
- 2 Iessläffelen Hunneg
- e bësse Kanéil

**Afennoss-Kugelen**

- 80 g Kakuettebotter
- 100 g Huewerflacken
- 30 g gehackten Hieselnëss
- 1 Päckelche Vanillszocker
- 1 Iessläffel Hunneg
- e bësse Mëllech



**An esou geet et:**

**Bananne-Kugelen**

1. Verdeel ongeféier d'Hallschent vun de Kokosnossraspelen op engem Teller.
2. Zerdréck d'Banann mat enger Forschett an enger Schossel.
3. Mësch déi aner Zutaten dobäi a kniet alles zu enger fester Mass.
4. Form kleng Kugelen aus der Mass a rull se komplett an de Kokosnossraspelen.
5. Stell d'Kugele fir ongeféier 30 Minutten an de Frigo.

**Afennoss-Kugelen**


1. Mësch all d'Zutaten, ausser déi gehackten Hieselnëss an d'Mëllech.
2. Mësch d'Mëllech läffelchersweis derbäi, bis d'Mass net méi bréckeleg ass a gutt zesummenhält.
3. Form kleng Kugelen aus der Mass a rull se dann an de gehackten Hieselnëss.
4. Stell d'Kugele fir ongeféier 30 Minutten an de Frigo.

MÄIN DETEKTIVNUMM:

ECH GEHÉIEREN ZUR AGENTEKLASS:

MENG SPEZIALITÉIT:

ECH WËLL DAT HEI OPLÉISEN:



# DETEKTIV:IN-PASS



FANGEROFDROCK

LIIBLINGSFAARF

UERTSCHAFT, DATUM

ËNNERSCHRËFT